PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/07/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Kultur weiderzeleeden.

Den 13.07.22 gouf am *Lëtzebuerger Wort* en Artikel publizéiert, an deem d'Gemeng Iechternach dem Kulturministère virwerft, no den Iwwerschwemmunge vum leschte Joer net séier genuch reagéiert ze hunn a bis haut wichteg Renovatiounen auszebremsen. Konkret geet et ëm den denkmalgeschützte Park vun der Gemeng, an deem et schwéier Iwwerschwemmungsschied gouf an dee bis haut net konnt a Stand gesat ginn, well de Kulturministère e Baustopp verhaangen huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Bis wéini plangt de Ministère déi fir den Denkmalschutz néideg historesch Etude am Iechternacher Park ofgeschloss ze hunn?

2. Firwat hëlt dësen Dossier esou vill Zäit an Usproch?

3. Wat fir Elementer ginn an der historescher Etude vum Park evaluéiert?

4. Wéi erkläert sech d'Regierung déi folgend d'Ausso vum Iechternacher Buergermeeschter: „Ich bin der Meinung, dass der Luxemburger Staat bei der Beseitigung der Hochwasserschäden katastrophal schlecht gearbeitet hat“?
   Wat plangt d'Regierung an Zukunft anescht ze maachen, fir d'Gemenge besser am Fall vu Renovatiounsaarbechten no Naturkatastrophen ze ënnerstëtzen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député